LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Lex Delles, Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 2082 vum 12. Mäerz 2025 vum honorablen Här Deputéierte Marc Goergen betreffend Ausfäll an Accidenter um Busreseau.**

A senger parlamentarescher Ufro freet den honorabelen Deputéierte Detailer zu Ausfäll an Accidenter um Busreseau bei deene verschiddene Bedreiwer (RGTR, CFL, TICE).

Aktuell hu 25 Betriber eng Nidderloossungsgeneemegung fir nationale Persounentransport iwwert d'Strooss (« transport national de voyageurs par route ») an 31 Betriber hunn eng Nidderloossungsgeneemegung fir internationale Persounentransport iwwert d'Strooss (« transport international de voyageurs par route »). Et ass ze bemierken, dass Betriber, déi eng Nidderloossungsgeneemegung fir internationale Persounentransport iwwert d'Strooss hunn och national Transporter kennen ubidden an, dass ee Betrib e puer Nidderloossungsgeneemegunge kann hunn.

Am Kader vun engem RGTR-Vertrag hunn d'Busentreprisen d'Méiglechkeet un europäesch Entreprisen ze sous-traitéieren. Wien Sous-traitanten sinn, a wéi vill se kréien, ass an den Tableaue vun der Äntwert op parlamentarescher Ufro n°1932 ze fannen.

Accidenter gi beim RGTR, TICE an CFL am Detail ënnerschiddlech erfaasst, sou dass déi Chifferen net direkt matenee vergläichbar sinn. Och fannen déi jeeweileg Faarte jo an ënnerschiddleche Kontexter statt, notamment inneruerts, op Iwwerlandstroossen oder enger Kombinatioun dovun. Fir d'Joer 2024 sinn dem RGTR bei ronn 2.8 mio Faarten 300 Accidenter bekannt, den TICE mellt bei ronn 420 000 Faarten eng 200 Accidenter, an d'CFL bei ronn 160 000 Faarten eng 60 Accidenter.

Wat d'Ausfäll vu Faarten ugeet, esou läit den Taux insgesamt mat ronn 1 Ausfall op 800 Faarten immens déif. Och déi Zuele vun deenen dräi Operateure sinn awer am Detail net matenee vergläichbar, well si een "Ausfall" jeeweils ënnerschiddlech definéieren.

Onofhängeg vu Facteuren ewéi Absenteismus oder Turnover, déi dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten notamment fir den RGTR net virleien, ass de Service public vum Bus also a praktesch alle Fäll assuréiert.

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes